N°6446
Entrée le 02.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6446 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Bei mengem Ministère hu sech bis elo keng Elteren am Kader vun der vum honorablen Deputéierten ugeschwatener Problematik beschwéiert.

Den Artikel 11 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* gesäit vir, datt déi pedagogesch Equippen op Alternativen zu deem vum Minister recommandéierten didaktesche Material kënnen zeréckgräifen ënner de Konditiounen, datt dat alternatiivt didaktescht Material vum Schoulcomité approuvéiert gouf, an datt et konform zum Plan d'études ass. Iwwer dëse Wee ass séchergestallt, datt direkt méi Membere vun der Schoulcommunautéit un der Selektioun vum didaktesche Material deelhuelen, dat an de Lëtzbuerger Schoulklassen agesat gëtt, an zesumme garantéieren, datt dëst Material konform zum Plan d'études ass.

**Ad 2)**

Den IFEN bitt eng ganz Rei Formatiounen an Zesummenaarbecht ënnert anerem mam CESAS, Planning Familial an anere Professionellen aus Lëtzebuerg an dem Ausland zu den Theemen Geschlechterdiversitéit, Genderklischeeën oder Sexismus un.

Hei reflektéieren déi Professionell aus der Educatioun hir Haltung zu den Theeme Geschlechter, Geschlechternormen a Stereotyppen, a ginn och un eng ganz Rei vu Kenntnisser am Zesummenhang mat dëser Theematik erugefouert. Dacks besteet den Inhalt vun dëse Formatiounen aus enger kritescher Ausenanersetzung mat Virstellungen, Stereotyppen, vermeintleche Sécherheeten, Intersektionalitéit an Diversitéite ronderëm d'Theemeberäicher sexuell an affektiv Orientéierungen a Geschlechtlechkeet. Nieft der Vermëttlung vun Usätz mam Fokus op der Diversitéit, léieren si och hei Unterrechtsmaterial an didaktescht Material kennen, dat si am Alldag an den Institutiounen uwende kënnen. Heibäi ginn awer och konkret Presentatioune vu problematiséierte Ressourcen zur Färderung vun der Gläichstellung vu Meedercher a Jongen an den Ëmgang mat der LGBTI-Diskriminéierung (vu Lesben, Schwulen, Bisexuellen, Transgender, Intersexuellen) theematiséiert.

**Ad 3)**

Sollten Eltere nach Froen zum didaktesche Material hunn, dat an der Schoulklass vun hirem Kand agesat gëtt, esou ass deen éischten Uspriechpartner ëmmer den Titulaire de classe. Weider kënnen d'Elteren de Coordinateur de cycle an/oder de Schoulpresident kontaktéieren, fir vun dësem weider Renseignementer zum didaktesche Material ze kréien, dat an de Klasse vum concernéierte Cycle agesat gëtt.

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH